**C 9.** Letzeburger Dokteren oder aner Perso'nen (Apdikter, Chemiker), de' Iech w ä r e n d Ërer Wehrmachtszeit geholleff hun, Iech ganz oder délweis der Wehrpflicht ze entze'en oder Ëren Tauglegkétsgrad erofsetzen (z. B. vu K. V. op G. V. H. oder A. V.

| Numm a Virnumm | Adress | Datum | Op wat fir eng Mane'er? |
|---|---|---|---|
| Joseph Loutz | Luxbg. - Eich | vum | |
| | | 12.5.42. | - |
| | | 10.9.44. | Krankhét |
| | | | |
| | | | |

**C 10.** A l l a n e r Perso'nen, de' Iech op irgend eng Mane'er geholleff hun, an de' net enner Rubrik 1-9 falen.

| Numm a Virnumm | Adress | Datum | Op wat fir eng Mane'er? |
|---|---|---|---|
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |
| | | | |

**C 11.** Wat fir Perso'nen, de' Iech geholleff hun, sin d u e r c h hir Hëllefsaktio'n un d'Refraktären vum Okkupant verhaft, an de Prisong, an d'KZ kommt oder evt. erschoss gin?

| Numm a Virnumm | Adress | Datum vun der Verhaftung a sonsteg Emstänn |
|---|---|---|
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |
| | | |

Ech versëcheren, des Donnéen no beschtem Wëllen a Wëssen gin ze hun, an absichtlech keng Perso'n, de' mir geholleff huet, net unzegin.

Rollengergronn, den 24.7.1946. 1946.

Birtz Théo. P.
(Ennerschrëft)

Dréckerei Bourg-Bourger

# «ONS JONGEN»

Ligue des réfractaires
et déportés militaires luxembourgeois

# FICHE DE RENSEIGNEMENTS

A. **Uweisong fir d'Ausfëllen.**

1. Des Donnéen gi gebraucht fir déne Leidd öffentlech merci ze soen, de' de Refraktairen, oder denen, de' ganz oder délweis vum R.A.D. oder Wehrmacht, zréckgestallt go'wen, irgendwo' geholleff hun. De' Fiche ass also am Interesse vun déne betr. Leidd äusserst gewëssenhaft a komplett auszefëllen.
2. Liést de ganze Questionnaire duerch, ièr Dir ufänkt, en auszefëllen.
3. Ofgesinn vun den Nimm vun déne Perso'nen sin all âner Donnéen an Détailler streng confidentiell a gin net fir d'Veröffentlechong sondern nure fir zesummefâssend Statistiken gebraucht.
4. Enner der Spalt „Nimm a Virnimm" fir C. sin, je no dém et zo'tréfft, entweder eng énzel Perso'n, eng Familjen, eng Organisatio'n oder evtl. am Ausland eng offiziell Stell unzegin. Heibei ass wo'me'glech den Numm oder d'Nimm vun dém oder vun dénen, de' sech besonnesch em Ech beme't hun, unzegin. Perso'nen, de' selwer Refraktär woren (Jg. 20-27), sen net unzegin.
5. Et ass all énzel Perso'n, Familjen oder Organisatio'n etc. a jidder Rubrik getrennt unzegin, oder evt. an déne verschiddenen Rubriken ze widerhuelen. Z. B. wann en e falsche Pass an zo'gleich Geld vun engem kruet huet.
6. Ass net Plâtz genuch an enger Spalt (z. B. Dir wart op me' we' 10 verschidde Plätze verstoppt), da schreiwt de' aner Leidd op e Blat Popeier, dat der beilét a gitt driwer de' Nummer vun der entspriéchender Rubrik un, z. B. fir verstoppt C 1.
7. Kloer an deitlech schreiwen, d'Nimm an Drockschrëft.
8. Vergiesst net zum Schluss égenhänneg ze ennerschreiwen.
9. Den ausgefëllte Questionnaire ass an Ë r S e k t i o ' n vun der Ligue „Ons Jongen" anzeschécken oder engem Comitésmember ofzegin.
10. Wo' keng Donnéen ze ma sin, ass duerchzestreichen, an ennerschriwen anzeschécken.
11. Wann eng Hëllefsaktio'n den Uschei vun engem Geschäft hât, wann z. B. fir Ëren Ennerhalt me' verlângt go'f we' e wirklech kascht huet, da gitt dat an de Rubriken bei „Bemierkong" hannert dem betr. Numm un.

B. **Donnéen iwer de Jong, dem geholleff go'f.**

1. Ëre Numm a Virnumm: Birtz Theodore -Pierre
2. Ër Adress: Rollengergronn Montée des Tilleuls 24
3. Ëre Geburtsdatum an -Uertschaft: 19.5.1922. Rollengergronn
4. Stellongsbefél fir de R.A.D. kruet (Datum): 15.2.1942.
5. Vum R.A.D. deserte'ert (Datum): Vum R.A.D. net desrte'ert
6. Stellongsbefél fir d'Wehrmacht kruet (Datum): am Juni 1942
7. Vun der Wehrmacht deserte'ert (Datum): Durch meng Krankhét, sin ech entlos gin
(Hei ass all Art vun Desertio'n, Refraktären- a Maquiswiesen gemengt, matt Ausnahm vun der Desertio'n un der Front, also dem Iwerlafen zo' den Allie'erten.)
8. Gesamtzeit vun der Illegalite't (Verstoppzeit) a Me'nt ......
dovun am Inland: ...... am Ausland: ......

### C. Donnéen iwer all Leidd, och Ausländer, de' Iech gehollef hun.

**C 1.** Perso'nen, de' Iech v e r s t o p p t hun. (Och wann Der nëmmen én Dag oder eng Stonn do wort.)

| Numm a Virnumm vun der Perso'n oder Organisatio'n | Adress | Ech wor do verstoppt | | Zeit an Deg | Bemierkung |
|---|---|---|---|---|---|
| | | vun | bis | | |

**C 2.** Perso'nen, de' Iech r a v i t a i l l e ' e r t hun (émol oder länger Zeit, wann Der z. B. an engem Bunker wort). Hei sin net de' enner 1 genannte Perso'nen nach eng Ke'er opzeziélen.

| Numm oder Virnumm vun der Perso'n | Adress | Ravitaille'ert | | Bemierkung |
|---|---|---|---|---|
| | | vun | bis | |

**C 3.** Perso'nen, de' Iech wärend Èrer Illegalite't matt G e l d ennerstëtzt hun.

| Numm a Virnumm vun der Perso'n | Adress | Datomen | Somme | Ass dat Geld während oder no der Okkupatio'n eremgefrot oder retourne'ert gin | Bemierkung |
|---|---|---|---|---|---|

**C 4.** Perso'nen, de' Iech e f a l s c h e P a s s ausgestallt oder vermëttelt hun.

| Numm a Virnumm vun der Perso'n | Adress | Datum | Bemierkung (op vermëttelt oder nemme verschâft) |
|---|---|---|---|

**C 5.** Perso'nen, de' Iech hei am Land vun enger Stopp op de' aner g e f o ' e r t hun.

| Numm a Virnumm vun der Perso'n | Adress | Datum | vun | no | Bemierkung |
|---|---|---|---|---|---|

**C 6.** Perso'nen, de' Iech iwer d'Grenz gefo'ert hun (P a s s e u r e n).

| Numm a Virnumm vun der Perso'n | Adress | gefo'ert | | Bemierkung |
|---|---|---|---|---|
| | | vun | no | |

**C 7.** D o k t e r e n, de' Iech w ä r e n d E r e r I l l e g a l i t e ' e t b e h a n d e l t hun (Privat oder an enger Klinik?)

| Numm a Virnumm vun dem Dokter | Adress | Dauer vun der Behandlung, Zuel vun de Visiten, Krankhèt: |
|---|---|---|
| Joseph Loutz | Luxembourg - Eich | Longenentzundung |
| | | 40 - 50 Visiten |

**C 8.** Doktoren oder aner Perso'nen, (Apdikter, Chemiker), de' Iech gehollef hun, Iech dem R.A.D. oder der Wehrmacht ze entze'en, i r Der Ère Stellongsbefél kruet.

| Numm a Virnumm | Adress | Datum | Op wat fir eng Mane'er ? |
|---|---|---|---|
| Joseph Loutz | Luxbg. - Eich. | 12.5.42. - 1944 | Kranknét |